

## Introduktioun

Här Präsident,

Dir Dammen an dir Hären,

- Virop, Merci der **Madame Rapportrice**, dem Diane Adehm, der Präsidentin vun der Budgets- a Finanzkommissioun, fir hire mëndlechen an och schrëftleche Rapport.
- Ee Rapport mat **interessanten Denkestéiss**. Fir d'Zukunft vun eiser Finanzplaz. Fir d'Diversifikatioun vun eiser Ekonomie.
- Ee Rapport mat enger **staarker perséinlecher Handschrëft** fir eis Finanzplaz.
- Jo ee Bekenntnis derzou, dass eng kompetitiv Ekonomie eng **attraktiv Finanzplaz** brauch. Dëst fir ee staarke Sozialstaat ze finanzéieren. Ee Bekenntnis zur Kärorientatioun vun der Budgets- a Finanzpolitik vun dëser Regierung.
- Merci duerfir der Rapportrice fir hir wäertvoll Iwwerleeungen, an Ären Zäitopwand.

- Aus **eegener Erfahrung** weess ech – ewéi och aner Kolleegen heibannen – wéi vill Reunioun'en, Gespréicher an Aarbecht hannert sou engem Rapport stiechen. Är Ouschtervakanz war dëst Joer schaffen a schreiwen.
- Är Aarbecht huet sech gelount. D'Éier vun dësem Budgetsrapport ass Är. MERCI !
- Merci och all den **Institutiounen a Beruffskummere** fir hir vill Iwwerleeungen. Dës wäerten net nom Vote vum Budget vergiess ginn. Sie wäerten eis och nach weider beschäftegen.
- All dës Rapport'en an Avis'e belichten de Budget ënnert verschiddene Perspektiven. Si droen zu enger **breeder demokratescher Debatt** bäi.
- Nach eemol, virweg.
- Dës Regierung steet fir eng **responsabel Budgetspolitik**.
  - Ee Budget deen engem **schwierigen Ëmfeld** Rechnung dréit.
  - Ee Budget deen dem **Bierger Vertraue** gëtt.
  - **Intelligent** an zukunftsorientéiert **investéieren**.

- Ausgaben déi an hirer Progressioun gebremst ginn.
  - **Keen Ofwierge** vun dem doucen Opschwong, dee mer aktuell gesinn.
  - Mä breet Ënnerstützung do wou et Sënn mécht, do wou et néideg ass.
- Keng Aschnëtter mat der Briechstaang. Mä eng Strategie – wéi och zum Beispill vum Statsrot gefrot – déi eis **Staatsfinanze méttelfristeg ofséchert**. Eis deen Handlungsspillraum garantéiert dee mir brauche fir den Erausforderunge vun der Zukunft gerecht ze ginn.
  - Dat entspriechend de **Virgaben déi och d'EU** an hirer lännerspezifischer Recommandatioun gefuerdert huet: „Mir sollen eis eng Budgetstrategie ginn, déi eis et erlaabt de Budget méttelfristeg „on track“ ze setzen, dat Ganzt kombinéiert mat den néidegen Investitiounen a Reforme fir een nohaltege Wuesstem.
  - **Fouss beim Mol halen**. Net iwwerall d'Ham an der Mëllech kachen. Net iwwerall déi héchsten an déi deierste Standard'en unhuelen.
  - Awer och weider an d'Zukunft vun eisem Land investéieren. Also Prioritéite bei dem Invest setzen. Also eis Betriber stäerken. Also d'Bierger entlaaschten. Vertraue schafen –

dat och a besonnesch an deenen onsécheren Zäiten an deene mir eis befannen.

- Jo, mir beweegen eis an **onsécheren Zäiten**. Net réischt säit Haut. Mä zanter e puer Joer. A leider vläicht nach méi laang. Ee Krich un der Grenz vun Europa. Eng Kris am Noen Osten, déi sech zouspëtz. Dësem Ëmfeld musse mir Rechnung droen. Dëst Ëmfeld beaflosst eise Budget. **Dëst Ëmfeld huet een Impakt...**:
  - op d’Kafkraaft vun eise Bierger;
  - op eis makroekonomesch Eckdaten;
  - op d’Aktivitéite vun eise Betriber;
  
- An domat eben och ob eise Budget, dat souwuel bei den Einnamen, ewéi och bei der Ausgabesäit.
  
- Gesond Staatsfinanze sinn de Garant fir **d’Stabilitéit an eisem Land**, fir de sozialen Zesammenhalt. Grad elo a Krisenzäiten. Stabilitéit a Vertrauen – dat och mat enger mëttelfristeger budgetärer Zilsetzung, also engem nationalen OMT. Dëse wäert an Zukunft Bestanddeel vun eiser Budgetspolitik sinn. Dëst fir de budgetären Erausforderunge vun eisem Land Rechnung ze droen. Ech wäert nach doropper agoen.

Här Präsident,

- Erlaabt mir als éischt ee Bléck ob dat internationaalt Ëmfeld an deem mir eis beweegen. Do derno, eng Rei Bemierkungen zum Budget selwer an ee kuerze Rappel vun enger Rei Prioritéiten an dësem Budget.

### **Dat internationaalt Ëmfeld**

- Wa mir vum Budget schwätzen, wa mir vun der Entwécklung an Europa schwätzen, komme mir net laanscht ee Bléck an d'Ukrain.
- Dëse **Krich huet Auswierkungen** op eist Land.
- Op eis Ekonomie, op eis Gesellschaft, op eisen Alldag.
- Esou zum Beispill, op **d'Präisentwécklung** bei den Energieproduit'en.
- Esou zum Beispill, um Niveau vum **Accueil vu Leit** déi hiert Land hu misse verloossen.
- Esou zum Beispill op d'**Ausgabe fir Verdeedegung**.

- Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Ukrain. Ech hunn dat och nach eemol bei menger Visite um FMI kloer gemaach, d'läscht Woch zu Washington.
- Zanter dem Ufank vum Konflikt mat **ronn 700 Milliounen Euro:**
  - 328 Milliounen Euro u finanzieller Ënnerstëtzung, direkt an indirekt Hëllef, Zousoen a Prêten iwwert d'EU oder international Hëllefprogrammer;
  - 190 Milliounen Euro u militärescher Hëllef;
  - 120 Milliounen Euro fir den Accueil vu Leit déi hiert Land hu misse verloossen;
  - 29 Milliounen Euro fir d'Scolarisation vun ukrainesche Kanner;
  - 29 Milliounen Euro un humanitärer Hëllef a fir de Neesopbau.
- De 4. Abrëll huet d'NATO 75 Joer gefeiert.
- Haut, si mir eis der Bedeitung vun dësem Bündnis vläicht nach e bësse méi bewosst ewéi gëschter. Besonnesch fir ee klengt Land.
- D'NATO bleift de Garant fir eis militäresch Sécherheet.

- Lëtzebuerg ass Grënnungsmitglied vun der NATO. Mir wëllen a mir wäerten och weider ee staarke Partner an der NATO sinn.
- Dëst spigelt sech an de Militärausgaben zréck.
- Jo, d'Integritéit vun eisem Territoire, d'Integritéit vun de Grenze vun der EU, d'Verdeedegung vun deene Wäerter fir déi eis Virfare laang gekämpft hunn, alles dat kascht.
- Duerfir ass den **effort de défense** och vun 0,77% vum PIB déi ursprüngelech virgesi waren op 0,83% vum PIB gaangen, also 48 Milliounen Euro méi ewéi ursprüngelech virgesinn. An ech schléissen Haut net aus datt eis Trajectoire beim effort de défense kuerzfristeg virgezunn an no uewen ugepasst gëtt – jo, muss ginn.
- International Rendez-Vous'e stinn un. **Lëtzebuerg iwwerhëlt seng Verantwortung.**
- Am Total, am Budget vun dësem Joer, 696 Milliounen Euro, dovunner :
  - 144 Milliounen Euro (ee Plus vun 13%) fir d'Arméi;
  - 291 Milliounen Euro fir de Fonds d'équipement militaire;

- 193 Milliounen Euro fir direction de la défense (ee Plus vun 12%).
  
- Och de Budget fir **d’Cyberdefense** ass eropgaangen. Bei eiser Defense a beieiser Arméi eleng fir d’Joer 2024 ee Budget vu méi wéi 15 Milliounen Euro – eng Verdräifachung am Verglach mat 2023. Beim HCPN si ronn 5 Milliounen agedroen – ee Plus vun 12%. Da geet d’Bedeegung vum Staat un de Fonctionnementskäschte vum Luxembourg House of Cybersecurity an d’Luucht, vun 3,4 Milliounen Euro am Joer 2023 op ronn 3,8 Milliounen Euro fir den Exercice 2024. Eng Hausse vu ronn 11%.
  
- D’DDoS Attacke vun de läschte Wochen op de Staatsreseau hunn eis gewisen ewéi wichteg et ass den nationale Scrubbing Center weider auszebauen, ewéi wichteg et ass den Internet-Reseau vun de kriteschen Infrastrukturen op Anomalien an Attacken ze iwwerwaachen: Präventioun ass hei d’Stéchwuert. Awer och Detectioun fir eng schnell Reaktioun.



## Dat budgetäert a makroekonomescht Ëmfeld

### ***Makroekonomesch Zuelen***

- Déi geopolitesch Ongewëssheet, vun der ech elo grad geschwat hunn, huet Auswierkungen op eist makroekonomescht Ëmfeld.
- D'Zuele verbesseren sech a verschiddene Beräicher lues, net schnell, mä hoffentlech konstant an nohalteg.
- 2023 hu mir ee **Réckgang vum PIB** vun -1% kannt (-1,1% Statec Mäerz 2024). 2024 kréie mir, laut Statec, ee Wirtschaftswuesstem vun 2%. Manner wéi nach am PSC vum leschte Joer virausgesot. Do war ee Plus vun 3,8% agesat.
- Dat sinn d'Zuele vum Statec. Dat sinn d'Zuelen op deenen eise Budget baséiert.
- **Manner optimistes**ch weisen sech – traditionell kéint ee bal soen – **international Institutiounen**. Den FMI rechent mat engem Wuesstem vun +1,3% am lafende Joer. D'EU

Kommissioun geet an hire läschte Projektionen och vun +1,3% aus.

- Den Emploi geet mat +1,3% nëmme lues weider. De Chômagetaux läit iwwert der historischer Moyenne (5,9%).
- Et ginn awer och **Liichtblécker**.
- **D'Inflatioun** kréie mir an Europa, awer och zu Lëtzebuerg, no an no an de Grëff.
- De Statec rechent fir 2024 mat engem Inflatiounstaux vun 2,2% - een Taux deem de Rechnungshaff deelt.
- D'EU Kommissioun geet mat +2,6% vun engem liicht méi héijen Inflatiounstaux aus.
- Fir 2025 rechent de Statec, ouni den Energiepräisdeckel, mat engem Inflatiounstaux bis zu 3,3%.
- Duerfir wäert dëse Präisdeckel net vun haut ob muer ofgeschafft ginn. Bien au contraire, d'Regierung – a virop de Wirtschaftsminister – schafft ob engem progressiven Auslafen am Laf vum Joer 2025 vun dëser Hëllef. Dëst

gemäss de Recommandatioune vun der europäescher Kommissioun an der europäescher Zentralbank.

- Dat ass wichteg, dat schaaft Previsibilitéit – fir d'Betriber, awer och fir d'Leit.
- Ee Liichtbléck ass och **d'Zënspolitik** vun der europäescher Zentralbank. Fir déi 5. Kéier hannertenee gouf et hei keng Hausse méi.
- Rezent Aussoe vun der Präsidentin vun der europäescher Zentralbank, awer och vum Gouverneur vun der lëtzebuerger Zentralbank, deiten eng éischt Baisse vun de Leetzënze ronderëm de Summer un.
- Dëst hätt een Afloss ob eise Wuesstem an domat och ob eise Budget. Ech kommen nach heiropper zréck.

### **D'Eckdate vum Budget**

- Am Telegramm-Stil:
  - Jo. Am Zentralstaat schreibe mir nach ëmmer rout Zuelen.

- D'Defiziter fir d'Period 2023-2027 sinn am Zentralstaat manner héich ewéi am PSC vum läschte Joer erwaart.
- Den Iwwerschoss vun der Sécurité sociale geet, Stand Haut, awer progressiv erof – duerch manner Emploi – awer och duerch méi Ofgäng an d'Pensioun.
- Doduerch, eng manner gutt Entwécklung um Niveau vum Gesamtstaat ewéi am PSC 2023 virgesinn.

### ***Defizit am Zentralstaat***

- Ee Wuert zum **Defizit vun 1,9 Milliarden Euro** bei der Zentralverwaltung – eng Progressioun vun 260 Milliounen par rapport zu 2023 – awer manner Progressioun ewéi vun 2022 op 2023.
- Eng Hausse déi sech duerch déi allgemeng Präisdeierecht erkläert, duerch d'Moosnamen aus dem Solidaritéitspak 3.0, dem Energiedesch an dem Wunnengsbau. Awer och duerch d'Adaptatioun vum Steirbarème un d'Inflatioun.
- Gläichzäiteg eng Baisse vun 1,6 Milliarden Euro am Verglach zu den Zuelen déi mir bei der Regierungsbildung zu Senneng virgeluecht kruten.

- Als **Erklärung** dozou:
  - eng **gutt Entwécklung op der Recettesäit** Enn 2023, déi sech och dëst Joer bemierkbar mécht;
  - an **Effort'en op der Ausgabesäit**. Dëst ouni alles ze sträichen. Mä doduerch datt ech mat all Minister duerch de Budget gaange sinn. Ee kollektiven an éierlechen Effort.

### Op der Recettesäit

- Déi **positiv Tendenz** déi mir Enn 2023 gesinn hu bestätegt sech fir déi éischt 3 Méint vun dësem Joer.
- Besonnesch eng Hausse vun 11,6% bei den direkte Steieren an hei bei der Kierperschaftssteuer, der Gewerbesteier an der Lounsteuer. Awer och ee Plus vu 5,6% bei der Enregistrements- an TVA-Verwaltung.
- An, mir si ganz zouversichtlech, d'Virgaben aus dem Budget ze erreechen.
- Jo, ech verweisen hei ob de läschte **Vertrauensindex vun de Verbraucher** vun der Zentralbank. Eng positiv

Grondstëmmung beim Bierger. Dat fir déi wirtschaftlech Lag vum Land. Dat awer och fir déi eege finanziell Situatioun.

- Dann eis **Finanzplaz**: Sie schléit sech gutt am internationale Verglach. Am *Global Financial Centres Index* leeë mir 4 Punkte bäi.
- An d'Resultater vun de Banke loossen sech weisen.
- Dat läscht Joer eng Hausse vu 45,1% viru Provisiounen a Steieren. Eng Hausse vu 67,3% beim Nettoresultat. Dat Ganzt bei 51.591 Aarbechtsplazen am direkte Finanzberäich.
- Eng Finanzplaz déi wesentlech zum Wuelstand vum Land bäidrëit. Eng Finanzplaz der hir Kompetitivitéit mir fest am Bléck hunn. Mir wäerten hir dee Kader schafen deen se fir hir Entwécklung brauch – alles aneschtens wier mam Feier gespillt.
- D'Wichtigkeet vun der Finanzplaz weist awer och – an d'Rapportrice vum Budget Diane Aehm huet zu Recht ënnerstrach – d'Noutwendegkeet nei Standbeen fir eis Ekonomie ze schafen.

- D'Recette lafen also weiderhi gutt. Dorop kann een opbauen.

### Op der Ausgabesäit

- Eis **Ausgabe wuesse weider:**
  - fir d'Kafkraaft ze erhalen an ze stäerken,
  - fir eis Betriber ze stëtzen an ze ënnerstëtzen,
  - fir eis Investissementer héich ze halen.  
D'Chambre des Métiers begréisst dëst ausdrécklech.
- Mä, eis Ausgabe wuesse manner séier, wéi dat läscht Joer.
- 2023: eng Progressioun vun 11,5%. 2024: +7,6%
- Dat ass **nach ëmmer ee Plus. Ech hunn ni eppes aneschers gesot.** An trotzdeem gëtt et op der enger oder anerer Plaz aneschers duergestallt.
- Wat hunn ech de 6. Mäerz hei an der Chamber gesot:

*„Efforte sinn [...] um Niveau vun de lafenden Ausgaben, de Fonctionnementskäschte gemaach ginn. D'Progressioun*

*ass hei am Verglach zu de Virjore manner staark. Dir gesitt also, dass hei Efforte gemaach goufen.“*

- Dat ware meng Wieder.
- An et ass wichteg, dat Ganzt an de richtege Kontext ze setzen.
- Dat waren net déi 2,4 Milliarden Euro Defizit beim Zentralstaat déi am Stabilitéits- a Wuesstemsprogramm 2023 ausgewise goufen.
- Nee, dat waren déi 3,6 Milliarden Defizit déi an der Note un de Formateur stoungen. Also, de Kassensturz deen d'Regierung bei hirem Untrëtt virgeluecht krut.
- An d'Efforte vun der Regierung situéieren sech genee an deem Kontext.
- E puer Beispiller:
- Am **Finanzministère** si ronn 320 Milliounen manner ageschriwwe ginn, dat virun allem well decidéiert gouf nei Gebailechkeete fir Staatsverwaltungen prioritär ze lounen an net ze kafen. Präisser fir 15.000 Euro de m<sup>2</sup> fir Bürosgebaier



um Kierchbiërg mussen hei der Vergaangenheet ugehéieren.

- An der **Fonction publique** si ronn 74 Milliounen manner ageschriwwe ginn, dat virun allem well manner Astellunge gemaach goufen ewéi an der Trajectoire an der Note un de Formateur virgesi waren.
- D'Artikele vum **Ëmweltministère** si mat ronn 121 Milliounen Euro manner dotéiert ginn. Engersäits gëtt d'Bedelegung vum Staat um Invest vun der SEBES an Héicht vu ronn 66 Milliounen Euro op eng méi laang Period gestreckt. Anerersäits goufe 55 Milliounen Euro manner an d'Spezialfongen agespeist, dat duerch méi eng realistesch Budgetsaschätzung.
- An dem **Landwirtschaftsministère** ass de Fonds d'orientation économique et sociale mat 10 Milliounen Euro manner agespeist ginn ewéi an de virechte Previsiounen virgesinn.
- D'Käschte fir d'Planifikatioun an den Amenagement vu Gewerbezonnen sinn am **Wirtschaftsministère** ëm ronn 25 Milliounen no ënne revidéiert ginn.

- De Budget fir de **Sportsministère** ass ronn 35 Milliounen  
manner héich ausgefall, dat besonnesch well  
Infrastrukturaarbechte manner schnell virukommen.
- De Projet vun enger Maison de santé et des sports zu Esch  
Belval ass am **Gesondheitsministère** no hanne geréckelt  
ginn.
- D'Helpline Santé – ee Projet dee virun allem am Kontext vum  
COVID-19 gebrauch gouf – ass aus dem Budget erausgeholl  
ginn.
- D'Acquisitioun an den Transport vu Spezialgefierer fir eis  
Vertriedungen am Mali, Niger a Burkina Faso konnt aus dem  
Budget erausgeholl ginn (2,3 Mio.) well se entweder net  
direkt gebraucht ginn oder just gelount ginn
- Fazit: **d'Budgetssituatioun ass besser wéi nach virun e  
puer Méint beim Untrëtt vun dëser Regierung geschat.**
- Mä domat ass et net gedoen.

## Fir eng responsabel Budgetspolitik

- Mir wëllen eng Budgetspolitik:
  - mat engem positive Schéiereffekt ab dem Joer 2025;
  - mat enger klorer Prioriséierung vun den Investitiounen an d'Zukunftsberäicher;
  - mat engem nationalen OMT.

### ***De positive Schéiereffekt***

- D'Tendenz, déi mir usteieren, ass kloer.
- Den negative Schéiereffekt, also ee méi staarkt Uwuessen vun den Ausgaben am Verglach mat den Einnamen, gëtt 2024 méi kleng ewéi 2023. Vun enger Differenz vun 1,9 Prozentpunkten 2023 gi mir dëst Joer op 0,5 Prozentpunkten erof.
- 2025 schaffe mir un engem **positive Schéiereffekt**. Eis Einnamen wuessen da méi schnell ewéi eis Ausgaben.

- D'Einnaamen hunn sech déi éischt 3 Méint vum Joer gutt entwéckelt.
- Och d'Ausgabe klamme weider, mä manner schnell ewéi dat läscht Joer.
- Déi eng Beruffskummere verlaangen an hiren Avis'en zu dem Budget 2024 méi eng virsiichteg Finanzpolitik mat manner héijen Ausgaben, déi aner verlaangen an hiren Avis'e genee de Contraire mat méi héijen Ausgaben.
- Déi duerchschnëttlech Progressioun vun den Ausgabe vu 4,9% iwwert déi nächst Joren – och wann dës Progressioun vu verschiddenen als virsiichteg agestuuft – dréit deenen onsécheren Zäiten an deene mir eis befanne Rechnung.
- Wéi ginn déi grouss geopolitesch Spannunge weider? An der Ukrain? Am Noen Osten? Op anere Plazen op der Welt?

Här Präsident,

Dir Dammen an dir Hären,

- Dir gesitt et. Ee schwieregt Ëmfeld fir Previsiounen ze maachen. Dorobber gëtt och a bal allen Avisen higewisen.

- De **PSC**, de Stabilitéits- a Konjunkturpakt, analyséiert duerfir, nieft dem zentralen Zenario, deen, Stand Haut, als dee realisteschensten ugesi gëtt och nach **aner Zenarien**.
- Zum Beispill, Zenarien mat méi oder manner Croissance.
- Je nodeem ob mir **0,5% méi oder manner Croissance** hunn (ewéi déi 2% aus dem zentralen Zenario) läit den Defizit bei dem Gesamtstaat Enn 2024 bei -1,4% oder -1% vum PIB, an net méi bei -1,2% vum PIB. Een Ënnerschied dee bis zu 313 Milliounen Euro kann ausmaachen.
- Een aneren Zenario rechent mat enger **zousätzlecher Baisse vun 100 Basispunkten, also engem 1%, op dem Zënstaux** am Laf vun dësem Joer. An deem Fall géif de Wuesstem dëst Joer net bei 2% leien, mä bei 3,4%. Den Defizit vum Gesamtstaat wier Enn 2024 dann -0,6% a Plaz vun -1,2% vum PIB. Ronn 480 Milliounen Euro manner.
- Also een Ëmfeld dat eng gewësse Virsicht verlaangt. Eng responsabel Budgetspolitik.

## ***Duerch déi richtig Prioritéitesetzung bei den Ausgaben***

- Op Dauer packe mir keng järelech Hausse vun 10% bei de Fonctionnementskäschten. Mir wäerte weider Personal beim Staat astellen. Mä, weider sou schnell wuessen ewéi déi läscht Joren wäert net méiglech sinn. Och – awer net nëmmen – well mir ëmmer méi Schwieregkeeten hunn déi gefrote Profiller ze fannen.
- Mir setzen duerfir verstärkt op d'Digitalisatioun. Intern beim Staat, awer och an der Relatioun mam Bierger.
- De Wee raus aus der Kris bedeit och de Leit an de Betriber Zukunftsperspektiven opzezeechnen.
- Mir wëllen **d'Leit weider entlaaschten**. Mat engem weidere Schrëtt bei der Adaptatioun vum Steierbarème. Awer och 2025 mat éischten Akzenter an der Steierklass 1a. Dat en vue vu méi enger déifgräifender Steierreform déi Joren derno. Sou wéi dat och an enger Rei Avise gefrot gëtt, zum Beispill vun der Chambre des Salariés an der Chambre des Fonctionnaires.

- De Betriber gi mir Planungssécherheet, kuerzfristeg mat enger Baisse vun der Betriebsbesteuerung.
- E kuerze Rappel vun enger Rei Prioritéiten.

## **Wunnengsbau**

- De Wunnengsbau, eng grouss Erausfuerderung an enger Rei Länner an Europa. Esou och zu Lëtzebuerg.
- **Präisser déi erofginn.** Am 4. Trimester 2023 ee Minus vu 7,6% bei neien Appartementer am Verglach mam 4. Trimester 2022. Ee Minus vu 14,5% bei besteeënden Appartementer.
- Eng **Demande déi staark zrëckgaang** ass. Am 4. Trimester 2023 ee Minus vun 72,8% vun Transaktiounen bei neien Appartementer, dat am Verglach mam 4. Trimester 2022. Ee Minus vun 28,6% bei besteeënden Appartementer.
- Duerfir de konjunkturbedéngte **Chômage partiel** fir Dealer vum Bausecteur. Chômage a Faillite mussen evitéiert ginn.
- Duerfir, de Marché stabiliséieren.

- Den **FMI**, den internationale Währungsfont, huet de rezente Moosnamepak vun der Regierung och gekuckt. Moosnamen, déi dem FMI no, vill op d'Demande akzéiert wieren.
- **D'Chambre des Métiers** sengersäitsbegréisst de Moosnamepak, deen d'Regierung virgeluecht huet. Och **d'Chambre des Salariés** weist sech mat villen – wann och net allen – Deeler vun dësem Pak zefridden.
- **Fir d'Regierung gëllt et – elo – déi kuerzfristeg Moosnamen ze huelen**, déi néideg sinn:
  - fir eng Verschäerfung vun der Kris am Bausecteu ze verhënneren;
  - fir d'Demande kuerzfristegze stimuléieren.
- Den FMI réit eis d'Prioritéit ob d'Investitiounen an den abordabele Wunnraum ze setzen.
- Dat deele mir.



- Dat deckt sech mat deem wat de Staat kuerzfristeg entscheet huet: bal eng hallef Milliard an den Akaf vu VEFA'en ze stiechen
- Do derbäi kënnt och eng substantiell Hausse bei de sougenannten Aides à la pierre iwwert de Spezialfong am Wunnengsbau.
- Mä eise Pak ass méi breet gefächert.
- Steierlech Ureizer fir de Kaf vun engem Eegenheem an den Invest an de Locatif, direkt Hëllef fir d'Leit an eng adequat Budgetsenveloppe fir den Ausbau vu Sozialwunnenge. Dëst alles Moosnamen fir Schwong am Wunnengsbau an domadder fir d'Stärkung vum sozialen Zesammenhalt.
- Mam Zil d'Offer iwwer eng Demande, déi eben net méi do ass, nees unzekuerbelen. Zäitbegrenzt.
- Mam Zil am Endeffekt Personalofbau am Bau ze verhënneren.
- D'Aktivitéit huet bei dem besteeënde Bau zanter Januar nees zougeholl, dëst mat den Annonce vun der Regierung

hire Mossnamen am Logementspak. Sécherlech och ob den de quart vum taux global zréckzeféieren. Eng vun de Moosnamen déi hëlleft nees Schwong an de Secteur ze bréngen.

- D'Cour des Comptes freet, mat Recht, datt een enke Suivi vun all dëse Moosname gemaach gëtt. D'Regierung wäert der Chamber déi entspriechend Informatiounen liwweren.
- Améischten Trimester 2024 ass de Volummen un Immobilienakten (*actes avec mutations immobilières*) ëm 9,1% am Verglach mam läschten Trimester aus dem Joer 2023 eropgaangen.
- Duerfir wäert d'Regierung weider Mossnahmen am Kader vum Logementsdësch huelen deen de Premier aberuff huet
- Och **d'SNCI, eis national Kredit- an Investitiounsbank, huet hei eng Roll ze spillen.**
- Esou huet d'SNCI direkt am Hierscht 2023 seng Instrumenter op d'Kris am Bausecteur adaptéiert.
- Dëst erlaabt der SNCI Lëtzebuerger Betriber aus dem Secteur, déi ee finanziellen Engpass hunn, ze entlaaschten.

- D'SNCI ka bis zu 80% vum Kredit deen de Betrib ophëlt iwwerhuelen.
- D'Hausbank vum betraffene Betrib iwwerhëlt déi aner 20%. De Betrib brauch also an enger éischer Phase manner Eegemëttel.
- Zesumme mat de grouse Banken, déi de Wunnengsbau finanzéieren, schafft d'SNCI och wieder un zousätzlechen Instrumenter. Dëst fir nees nei Dynamik an de Maart ze bréngen.
- Fir mech als Finanzminister ass et wichteg, datt all bedeelegt Acteuren zesumme schaffen: Hir Responsabilitéit huelen: de Staat, d'Banken, awer och d'Baufirmen an d'Promoteuren. Ech wäert an deem Sënn weider mat hinnen am Gespréich bleiwen.

## **Educatioun, Kanner a Jugend**

- Fir ee staarkt Lëtzebuerg och an der Zukunft, musse mir weider an d'Bildung investéieren.
- Eis Land wisst. D'Zuele vu Schüler pro Joer klammen. An d'Erausforderungen si vilfälteg.

- Duerfir brauche mir schnell méi Schoulen.
- Duerfir brauche mir eng Kannerbetreierung déi adaptéiert ass un d'Liewensgestaltung vun de Familljen.
- A genee duerfir huele mir dëst Joer ronn 4 Milliarden Euro an de Grapp, fir déi schoulesch Offer fir eis Kanner ze garantéieren, wat eng Hausse vu 14% duerstellt.
- Kanner a Jugendlecher sinn eis Zukunft. Duerfir ee staarken Invest an de Kader an deem se wuessen an och an deem se léieren.
- D'Gesetz iwwert de Schutz vun de Jugendlechen ass dobäi ee wichtege Bestanddeel a gëtt schnell ëmgesat.

## **Sozial Kohäsion an Zesummeliewen**

- D'sozial Transfere sinn eng grondleeënd Viraussetzung fir d'sozial Kohäsion an eisem Land ze erhalen.
- D'Ausgaben a Famill, Inklusioun a Zesummeliewen si genau sou wichteg.

- Duerfir ass fir 2024 ee Budget vu ronn 2,4 Milliarden Euro geplangt. Dat ass eng Hausse vun 10% par rapport zu 2023.
- Des Hausse ass begrënnt duerch:
  - den nationale Solidaritéitsfong, deen em +13% (428 Milliounen Euro) opgestockt gëtt, dovunner 230 Milliounen Euro fir de REVIS (ee Plus vun 19%);
  - d'Zukunftskeess, fir déi 1,48 Milliarde virgesi ginn, dovunner 71% fir de Finanzement vum Kannergeld;
  - de Budget fir Zesummeliewen, deen ëm 45% gehéicht gëtt (10,5 Mio). Dat virun allem fir d'Gesetz vum 1. Januar 2024 iwwert de vivre-ensemble mat Liewen ze fëllen.

## **Mobilitéit an energeetesche Transitioun an engem moderne Land**

- Een zentraalt Element vum Zesummeliewen an eisem Land ass d'Mobilitéit.
- Mir setzen dobäi op Multimodalitéit. Dat heescht souwuel den Individualverkéier wéi och den ëffentlechen Transport ze verbesseren.

- Sou investéiere mir an deenen nächste 4 Joer, ronn 4,3 Milliarden Euro an d'Schinn an an d'Strooss. Mobilité douce gëtt och gestärkt mat dem Ausbau vun de Vélosweeër.
- Mobilitéit besser plangen. Dat heescht eisen ëffentlechen Transport esou effizient wéi méiglech ze organiséieren. Duerfir ginn dem *Observatoire digital de la mobilité* déi néideg finanziell Mëttele bereet gestallt.
- Autonom a nohalteg – sou soll eis Energie produzéiert ginn. Ausbau vun erneierbaren Energien ass a bleift eis iewescht Prioritéit. Dat ass weder einfach, nach bëlleg.
- Mir rechne mat zousätzlech 152 Milliounen fir d'Präisdeckelung beim elektreschen.
- Eng wichteg Enveloppe fir d'energetesch Transitioun ass den europäesche Fong vun der *Recovery and Resilience Facility*.
- An deem Kontext benotze mir d'Suen aus eisem **nationale Plang fir d'Reprise an d'Resilienz** fir d'Bierger an d'Betriber um Wee vun der digitaler a grénger Transitioun ze begleeden.

- D'Gesamt-Envelope déi Lëtzebuerg iwwert de Plang fir d'Reprise an d'Resilienz aus der EU kritt beleeft sech ob 241 Milliounen Euro.
- **CO<sub>2</sub> Steier** féiert zu geschaten Einnahme vun 282 Milliounen Euro. Mä opgepasst – dës Steier bréngt eis net méi Suen an d'Keess.
- Zanter dem Pic 2019, sinn d'ëffentlech Recetten op dem Verkaf vun Diesel a Bensinn nämlech réckleefeg.
- Trotzdeem investéiere mir weider an d'sozial Offiederung vun dëser Taxe, mat der Aféierung vum CO<sub>2</sub>-Steierkredit 2024, der Weiderféierung vun der Energieprimm an der Speisung vum Klima- an Energiefong (mat Recetten, déi eigentlech réckleefeg sinn).
- Zum Schluss nach ee Wuert zur Ausriichtung vun der Budgetspolitik.

## **Den nationalen OMT**

- Fir eis gehéiert d' Aféiere vun engem **nationalen OMT** also enger méttelfristeg budgetärer Zilsetzung zu enger responsaabler Budgetspolitik.
- Dat am Interessi vun de méi jonke Generatiounen. Dat fir Previsibilitéit ze schafen. Dat am Sënn vun enger éierlecher an transparenter Budgetspolitik. Dat awer och fir dat internationaalt Vertrauen an eist Land, an eis Finanzplaz, ze erhalen.
- Fir Lëtzebuerg als kleng an oppen Ekonomie mat enger grousser Finanzplaz, ass et wichteg an der Dauer gesond Staatsfinanzen ze hunn.
- D'Finanzplaz leeft vun eiser Reputatioun als Land.
- Dozou gehéiert eng **glafwierdeg Budgetpolitik**.
- Dorunner gi mir gemooss.
- D'Richtung muss also stëmmen. Dat duerch een **transparente Kader**.
- Den europäesche Kader wäert sech 2025 änneren.



- Et wäert **kee Wuesstems- a Stabilitéitspak** méi ginn. Mir wäerte kee méttelfristegt Zil – keen OMT – méi am europäesche Kader gesat kréien.
- Mir wëllen eis also nieft den europäeschen 3% Defizit- a 60% Prozent-Scholdereegelen, **een nationalen OMT** wieder hunn.
- Den OMT ass jo am Fong näischt Neies. Mir hunn dësen Indicateur virun 10 Joer um europäesche Plang agefouert. An dem Sënn géinge mir just dat weiderféiere wat et schonns gëtt.

Dëst entsprécht och enger **Recommandatioun** déi den FMI, awer och de Conseil national des finances publiques gemaach huet. Och d'Zentralbank begréisst dës Initiativ an hirem Avis.

- Dësen OMT soll gesetzlech verankert ginn. All konstruktiv Contributioun huele mir gären un.
- Mir leeën eis domat och **kee Korsett** un. Den OMT bedeit, dass mir op qualitative Wuesstem setzen an d'Sue gezilt ausginn. D'Reegelwierk wäerte mir esou gestalten, datt mir

ob Krisen oder aussergewöhnlech Schocke flexibel reagiere können.

- Et ass e **wichtige Signal un d'Investisseuren**, datt mir weiderhin eng responsabel Budgetpolitik wäerte bedreiwen.
- **Kredibilitéit a Vertraue schafen**. Dat wäert sécherlech och dem Bäibehalevum Triple A ze gutt kommen.
- Jo et ass nun ebe mol esou datt Fitch, Scope, Moody's a Co dem **Niveau vun eiser Staatsverscholdung** an dem **längerfristige finanzielle Spillraum** eng grouss Bedeitung zoumoossen. Mee **si bestëmmen net eis national Budgetpolitik**. Dat maache mir heiheem selwer. Awer am Interessi vum Land droe mir den Observatioune vun de Ratingagencen Rechnung. Dat ebe fir der makroekonomescher Volatilitéit der eis oppen Ekonomie duerch hir Gréisst ausgesat ass ze begéinen.

## **Conclusioun**

Här Präsident,

- Et ass dëst de Budget deen der Chamber zur Diskussioun an zum Vote virgeluecht gëtt.

- Mat Entlaaschtungen, souwäit et méiglech ass.
- Mat weiderhin héije Sozialleeschungen.
- Mat Investissementer a Land a Leit. Mat enger Prioritéit an d'Beräicher mat Zukunftsperspektiven.
- A virun allem geet et drëm eis Staatsfinanzen ob eng Trajectoire ze setzen déi eis **deen néidege finanzielle Spillraum léisst** fir ob d'Erausforderunge vun der Zukunft ze äntwerten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.